N°734
Entrée le 15.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

An Georgien ass de 14te Mee ee Gesetz gestëmmt ginn, dat ONGen, déi méi wéi 20% vun hiren Donen aus dem Ausland kréien, dës musse registréiere loossen. Een änlecht "foreign agents"-Gesetz ass och a Russland a Kraaft a war do een Outil vum Kreml, fir ONGen, déi sech getraut hu géint de Regimm ze schwätzen, ze verbidden.
D'EU-Kommissiouns Presidentin Ursula von der Leyen huet an engem Statement gesot, datt si ganz besuergt géif op dëst Gesetz kucken: “Georgia is at a crossroads. It should stay the course on the road to Europe”. Wéi Politico mellt hunn sech d'Bausseministeren aus 10 Memberstaaten un den Här Borrell geriicht, wou si ënner ë.a. froen, ob d'EU wéilt Mesurë géint de georgesche Premier huelen. ( https://www.politico.eu/article/georgia-parliament-pass-foreign-agent-russian-law-amid-pro-eu-protest-crackdown-tbilisi/ ). Lëtzebuerg huet dëse Bréif net mat ënnerschriwwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat huet de lëtzebuergeschen Ausseminister dëse Bréif net mat ënnerschriwwen?

2. Wéi steet d'Lëtzebuerger Regierung zum "foreign agents bill"? Wat fir Konsequenzen zitt si aus dësem Gesetz?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten